



En Dönschdeg, den 30. Abrëll 2024, war ëm 17:00 Auer déi lescht Gemengerotssitzung. De Conseiller Kevin Englebert war entschëllegt.

1. Réponse au rapport de vérification du compte administratif de l'exercice 2022

D'Direction du contrôle de la comptabilité communale aus dem Ministère de l'Intérieur huet eng Rëtsch Umierkungen zur Gestiou vum de Gemegefinanze formuléiert.

- Et gouf kritiséiert, datt nach ëmmer vill Ofrechnungen ("Décomptes") vum Aarbechten ausstinn, déi schonns zënter Joren ofgeschloss ginn. D'CSV-Fraktioun huet de Schäfferot drun erënnert, datt de Schäfferot d'lescht Joer versprach hat, an all Gemengerotssitzung op mannst 3 Decompten ze presentéieren, wat awer net de Fall war.
- Fir de Verkauf vu Gedrénks an der Iessstuf muss de Gemengerot an Zukunft den Tarif stëmmen.
- Beim Leasing vum de Container fir d'Crèche "Beim Musekshaus" huet de Schäfferot direkt 3 Gesetzer verletzt:
 - a) Esou goufen d'Dispositiounen zum Gesetz iwwer d'Ausschreiwung vum den öffentlichen Aarbechten net respektéiert.
 - b) Och gouf d'Resultat vum der Ausschreiwung net dem Inneminister zur Approbatioun virgeluecht.
 - c) Schlussendlech gouf dës Leasing dem Inneministère verheemlecht, dat heescht, e gouf net an den detailléierte Finanzopstellung berücksiichtegt, déi d'Gemeng reegelméisseg un de Inneministère melle muss. Doduerch war den Inneministère net iwwer déi reell finanziell Situatioun vum der Bissser Gemeng informéiert.

D'CSV-Fraktioun huet sech bei der Äntwert vum Schäfferot enthalen.

2. Approbation des comptes de l'exercice 2022

D'Ofschlosskonte vum Budgetsjoer 2022 gesinn esou aus:

Résultat de l'exercice 2021	2.405.953,98 EUR
Recettes ordinaires 2022	15.154.528,63 EUR
Recettes extraordinaires 2022	15.703.776,82 EUR
<i>Total des recettes 2022</i>	<i>33.264.259,43 EUR</i>
Dépenses ordinaires 2022	11.562.905,33 EUR
Dépenses extraordinaires 2022	9.290.465,44 EUR
<i>Total des dépenses 2022</i>	<i>20.853.370,77 EUR</i>
Résultat de l'exercice 2022	12.410.888,66 EUR

3. Approbation d'une convention

Fir d'Realisatioun vum Projet vun neiem Wunnraum an der Grand-Rue gouf an de leschte Joren dës Gebaier kaaft.

928/2540 929/2924 929/2925 929/2926	8,80 Ar	1.825.000 EUR
932/2754	3,55 Ar	1.275.000 EUR
931/2541	1,09 Ar	600.000 EUR
927	1,19 Ar	728.000 EUR

Dat Ganzt huet d'Gemeng 4.428.000 Euro kascht. De Staat subventionéiert esou Terrainskeef mat bis zu 50 Prozent. Dobäi gëtt awer net de Kafpräis berücksichtegt, mee déi bebaute Fläch. An enger éischter Phas kritt d'Gemeng elo emol 784.531 EUR vum Staat.

4. Approbation d'un contrat de bail

D'Gemeng huet d'Haus op 12 Grand-Rue un d'Gesellschaft Waasserstrooss s.à r.l. verlount. Dëse Mietvertrag gëtt bis den 31. Dezember 2024 verlängert. De Monatsloyer beleeft sech op 1.200 EUR.

5. Approbation d'un acte notarié

D'Gemeng tauscht mam Staat eng ganz Rëtsch Parzelle ronderëm den Automobility Campus. Esou gëtt d'Gemeng d'Parzellen 311/5193, 311/5194, 311/5196 an 311/5197, alleguer an der

Rue des Sports geleeën, un de Staat of. D'Gemeng kritt vum Staat d'Parzell 311/5207 an der Rue de l'Innovation an d'Parzell 311/5211 an der Route de Roost. D'Tauschtransaktioun stellt och sécher, datt déi néideg Terraine fir déi künfteg Tennishal an der Hand vun engem Proprietär sinn.

6. Approbation de plusieurs compromis

- Den Här Noe Wolter verkeeft der Gemeng een Zentiar Voirie "an der Bléi" (Parzell Nr 294/5248). D'Gemeng bezilt dofir 550 EUR.
- De Verkaufsvertrag vun engem Industrieterrain an der ZAC Klengbuusbiérg un d'Firma TS SCI gëtt opgeléist.
- Den Industrieterrain 311/4306 (26,96 Ar) gëtt un de jëtzege Pächter Tomcar S.A. verkaaft. De Verkaufspräis beleeft sech op 30.000 EUR pro Ar, deemno am Ganzen 808.800 EUR.

7. Allocation d'un don extraordinaire à une association non-locale

Am Kader vun der Biisser Rallye vum 6. Mee 2023 koume 470 EUR eran. D'Participants sinn zesummen 1.005 Kilometer gaangen. Dofir kritt d'asbl Télévie en Don vun 1.500 EUR.

8. Introduction d'un règlement d'aides financières pour la réparation d'appareils électroménagers

Et gëtt e Règlement agefouert, mat deem d'Gemeng d'Reparatur vun Elektroapparater finanziell ënnerstëtzt. De Subsid beleeft sech op 75% vun der Reparaturechnung (ouni TVA), mat engem Maximum vun 200 EUR. Zu den Elektroapparater zielen:

- e Frigo aus den Energieklassen A bis D (fréier A+++ bis A+),
- den Tifküler aus den Energieklassen A bis E (fréier A+++ bis A+),
- d'Wäschmaschinn aus den Energieklassen A bis C (fréier A+++ bis A+),
- den Trockner aus den Energieklassen A+++ bis B,
- den Uewen aus den Energieklassen A+++ bis C,
- d'Spüllmaschinn aus den Energieklassen A bis B (fréier A+++ bis A+).

Dëse Subsid gëtt et nëmmen eng Kéier während 5 Joer pro Typ vun Apparat. D'Reparatur muss duerch de Fachhändler duerchgefouert ginn.

D'CSV-Fraktioun huet gefrot, wéi de Schäfferot Reklamm fir dëst Règlement ewéi fir déi folgend Reglementer (déi et schonns ginn) wëll maachen.

- subvention pour la mise en place d'une installation de capteurs solaires thermiques;
- subvention pour la mise en place d'une infrastructure de collecte des eaux de pluie;
- subvention pour appareils ménagers à faible consommation énergétique classe A+++;
- subvention pour mesures de réduction de la consommation d'énergie dans le domaine de l'habitation;
- subvention pour l'acquisition d'un cycle ordinaire ou d'un pedelec.

De Schäfferot wäert dat neit Règlement am BisInfo oder am Klautjen publizéieren, mee mengt, datt déi aner Reglementer der Bevëlkerung genuch bekannt sinn.

9. Allocation d'une prime à l'ouvrier dirigeant du service voirie

Den Iwwergangschef vum Service Voirie, den Här Michael Perez, kënnt zënter dem 1. Januar 2024 an de Genoss vun enger monatlecher Prime vun 10 Indexpunkte fir seng Fonctioun "ouvrier dirigeant".

10. Questions des conseillers communaux

Zum Schluss vun der Sitzung hat d'CSV-Fraktioun nach e puer Froen un de Schäfferot.

E puer Dokteren aus der Rue de la Gare zu Biissen wäerten eng nei Praxis an enger Nopeschgemeng opmaachen. Vu datt d'Biisser Gemeng am Ablack keng Gebaier fir esou Dokteschpraxen huet, hat de Schäfferot och e puer Privatileit zu Biissen kontaktéiert, awer leider ouni Succès. De Schäfferot erwaart sech, datt duerch e puer privat "Plans d'aménagement particulier" an och duerch d'Gemeengeprojeten an der Grand-Rue an op der Place de l'Immigration an Zukunft Raimlechkeete fir d'Dokteschpraxen zu Biissen entstinn.

D'CSV-Fraktioun huet de Schäfferot drop opmierksam, datt d'CSV-Gesondheetsministesch Martine Deprez op eng parlamentaresch Ufro dëst geäntwert huet: *"Reng no der demographescher Entwécklung gekuckt an op Basis vun der Rechnung vun der Direktioun vun der Santé missten am Land 121 Apdikten sinn (Stand: d'Populatioun vun 2023). Dës Rechnung gesäit vir datt eng Gemeng eng Apdikt ka kréien soubal d'Awunnerzuel während op mannst zwee Joer iwwert 2.500 Awunner läit."* No dëser Rechnung hätt d'Biisser Gemeng deemno eng Konzessioun fir eng Apdikt zegutt.

De Schäfferot war an der Vergaangeneet schonns vun intresséierten Apdikter kontaktéiert ginn, mee war iwwerrascht, datt 2.500 Awunner fir eng Konzessioun duer ginn. Si wëllen elo nach eng Kéier am Gesondheetsministère nofroen.